Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Interieur weiderzeleeden.

Wéi d'Tageblatt den 1ten Oktober 2019 gemellt huet, gouf et op der franséischer Säit vun der Musel een Incident beim Atomkraaftwierk zu Cattenom. Et ass net déi éischte Kéier, dass et am bal 40 Joer ale Kraaftwierk zu irreguläre Virfäll kennt.

Dës Virfäll bleiwen ni ouni Konsequenze fir Lëtzebuerg, well d'Musel aus der Lorraine bei iwwert d'Grenz erafléisst a soumadden d'Waasserqualitéit an och Ëmwelt zu op eiser Säit direkt vun esou Incidenten betrafft sinn. An dem Kontext stellen sech och Froen zu der genereller Waasserqualitéit vun der Musel.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi hunn sech d'Maximalwäerter u Radioaktivitéit an deene leschten 10 Joren an der Musel entwéckelt? Kann d'Ministesch Erklärungen zu de Wäerter ginn?

2. Wéi hunn sech d'Waasserwäerter generell an de leschte 5 Joer op der Musel entwéckelt, betreffend:
   - Waassertemperatur,
   - Sauerstoffgehalt,
   - pH-Wäert,
   - Pestizidréckstänn,
   - Herbizidréckstänn,
   - Medikamenteréckstänn,
   - aner Verschmotzungswäerter?

3. Wat sinn an eischter Linn déi gréisste Verschmotzungsursaachen vun der Musel?

4. Wéi eng Mesuren huet d'Regierung säit 2013 ënnerholl fir d'Waasserqualitéit vun der Musel ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange